



N° 7237  
Entrée le 24.11.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 24.11.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

D' Museken an de Museksunterrecht hunn eng wichteg Plaz an eiser Gesellschaft. Vill Gemenge sinn houfreg op hir Museken an hir Museksschoulen. Net all Schüler, deen an de Solfège geet oder ufänkt en Instrument ze léieren, mëscht awer seng Coursë fäerdeg.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schüler hunn d'Museksschoul, also entweder de Solfègen oder den Instrumentenunterricht, an deene leschte 5 Joer ugefangen (opgelëscht no Joer)?
2. Wéi vill Schüler hunn d'Museksschoul, also entweder de Solfège oder den Instrumentenunterricht, an deene leschte 5 Joer no deenen éischten 3 Méint ofgebrach (opgelëscht no Joer)?
3. Wéi vill Schüler hunn d'Museksschoul, also entweder de Solfège oder den Instrumentenunterricht, säit September ofgebrach?
4. Huet de Minister Informatiounen zu de méigleche Grënn, firwat esou vill Schüler ofbriechen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten

